



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Famill an Integratioun & Sozialversécherung weiderzeleeden.

Wann een zu Lëtzebuerg wëll de Congé parental ufroen, ginn et verschidde Konditiounen, déi een als Elterendeel muss erfëllen. Esou muss een 12 Méint laang (mat enger Ënnerbriechung vu maximal 7 Deeg an dësen 12 Méint) bei der CNS oder enger anerer Sozialversécherung verséichert sinn, een Aarbechtskontrakt bis un d'geplangten Enn vum Congé parental hunn a mindestens 10h d'Woch schaffen. Salariéeën, deenen hir Proufzäit eréicht no dem Congé parental op en Enn geet, dierfen dann och nëmmen dee sougenannten 2te Congé parental huelen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persoune kruten an de Joren 2020 an 2021 hir indemnités fir den 1. congé parental vun der Zukunftskeess refuséiert? Wéi vill Prozent heivu ware Fraen?
2. Wéi vill Persounen hunn 2020 an 2021 wéinst engem Refus eng Lettre de contestation un d'Zukunftskeess gemaach?
3. Wéi vill Persoune kruten 2020 an 2021 doropshin nees eng "confirmation du refus"?
4. Wéi vill vun dëse Persounen hunn hiren Dossier nom Refus vun der Zukunftskeess virum de Conseil arbitral de la Sécurité Sociale (CASS) bruecht?
5. Wéi vill vun dëse Persoune krute vum CASS Recht zougesprach?
6. Wéi vill Affäre virum CASS, an deenen d'Zukunftskeess "Défenseur" ass, lafen am Moment?
7. Wéi héisch waren d'Affekotekäschte vum CAE fir Affäre virum CASS déi lescht 5 Joer (opgeschlësselt no Joer)?
8. D'Gesetz vum 15. Dezember 2019 gesäit vir, dass d'Fonctionnaires stagiaires d'Méiglechkeet hunn, esouwuel Vollzäit ewéi och Deelzäit Congé parental ze huelen,



sous condition, dass hier Formatioun an der Reegelzäit ofgeschloss gëtt.
Wéi gëtt an der Praxis virgaangen, fir ze garantéieren, dass d'Fonctionnaires
stagiaires ouni Verlängerung hir Formatioun ofschléissen kënnen an dann vum Congé
parental profitéieren kënnen?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

